Lac de Rabais den 10. März 2012

Och dëst Joër huet eisen Präsident um Dag no der Generalversammlung d´Fëscher vum Flyfishing Club Lëtzebuerg op den Lac de Rabais invitéiert fir " **den Dag vum Präsident** " ze feieren. Den Jeek mécht sech ëmmer éng speziell Éier draus d´Fëscher op séngem Dag ze verwinnen. Hien gët net nëmmen den Apperitif an den Dessert zum Beschten, Hien suergt och ëmmer mat sénger gudder Laune beschtens dofir dass d´Memberen vun eisem Club sech gudd versuergt fillen. Esou haten gudd zwanzég Fëscher den Weë op Rabais fond, an nodeems eis éischt Sortie op den moulin de Boismont ausgefall wor ewell den Weiher zougefrour wor, wor dëst déi éischt Sortie fir dëst Joër.

d´Wieder wor unsech guer net esou schlecht och wann d´Sonn sech den ganzen Dag net gewissen huet, dofir wor d´Fëschen awer dës Kéier erëm zimlech schwiereg. d´Memberen vum Flyfishing Club hun zwar Alleguer hir Fësch gefaangen mée mir woren awer énger grousser Gedoldsprouw ausgesaat an et huen een wirklech all d´Facetten missten un den Dag leën fir ee puer Fësch ze fänken. Zum Gléck haten mir awer eisen Kongkursfëscher den Gilson Mich dobäi an nodeems Hien mat gudden Tuyaux´en hei an do ee bëssen nogehollef huet, hun mir ewei schon gesot awer eis Fësch gefaangen. Mëttes huet et och ee puer mol ungefaangen mat reenen mée och dat konnt net verhënneren dass mir ee schéinen Fëscherdag zesummen verbruecht hun, zeemols ewou den Wanter dach dës Kéier zimlech laang wor.

Géint 12 Auer ass dun eisen Präsident virgefuer an Hien huet zum Apperitif gelaut. Et ass éng Traditioun beim Flyfishing Club dass den Präsident bei der Sortie no der Generalversammlung den Champes offréiert an een pain surprise zum Beschten gët. Nodemms d´Fëschen jo zimlech zéih wor, woren mir frouh ewei den Jeek endlech bäigefour ass an esou konnt dun déi zweet Halschent angelaut gin. Nom Apperitif huet den Christian, den Garde vum Site, éng warm Zopp mat Mëttwurscht zerwéiert an offschléissend hun mir eis och nach verschidden Taarten schmaachen geloos. Och op dësem Gebitt weisen eis Fëscher dass Sie kéng hallef Saachen maachen.

9km

9km

IT'S TIME.

Mée gefëscht hun mir awer och an hei hun eis Memberen et och net um néidegen Bëss feelen geloos. Déi Meeschten hun mat Streamer, Blop an mat Nymphen gefëscht mée den Raym hat et awer zeguer fäerdeg bruecht éng Forell mat énger drechener Méck ze fänken. Et woren allgeméng ganz schéin Forellen déi gefaangen gin sin an et ass besonesch opgefall dass et ganz staarck Fësch woren déi hei an do zeguer an den Backing gaangen sin. Déi meeschten Forellen sin mat Sinking – Schnéier gefaangen gin wat doropshin zeréckzeféieren ass dass d'Waasser nom Wanter nach zimlech kaal wor.





Et wor een flotten Optackt vum Joër an esou kann et weidergoën, mir freën eis elo schon op déi nächsten Sortie déi eis den 21.Abrëll op lacroix sur meuse féiert. Dësen Site wor dat lescht Joën an den Programm gehol gin ewell den Site zu Brouennes huet missen gestrach gin. Eis Sortie dat lescht Joër wor awer esou geloongen an dass mir dësen Site och wëllen bäibehalen zeemols ewou d'Fëscherei zu lacroix sur meuse sech och beschtens eegnet fir Unfänger ewell ronderëm dësen Séi alles fräi ass an domader Näischt beim geheien hënnert. Fësch sin och vill do an Dës hun sech dat lescht Joër och net vill fléiwen geloos fir eis Mécken ze huelen.